N°1613
Entrée le 12.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit op d'parlamentaresch Fro n° 1613 vum 2. Dezember 2024 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener.**

Et ass net un der Regierung, den Aktiecours vun enger cotéierter Gesellschaft ëffentlech ze kommentéieren.

D'Staatsvertrieder am Verwaltungsrot vun der SES ënnerstëtzen aktiv all Mesuren, déi d'Stabilitéit an d'Pérennitéit vun der Gesellschaft fërderen.

De Verlaf vum Aktiecours am Kader vu staatleche Participatiounen huet keen Impakt op de Staatsbudget.

D'SES huet sech an engem sektoriellen Ëmfeld, dat effektiv staark am Wandel ass, eng Strategie ginn, fir och laangfristeg zu de féierende Satellitenopérateuren ze zielen. Zu där Strategie gehéiert nieft der Optimisatioun a Stabilisatioun vun der operationneller a finanzieller Performance och eng weltwäit eemoleg Offer u Multiorbit-Servicer, d'Acquisitioun vun Intelsat an e besonnesche Fokus op gouvernemental Projeten, sief et mat Partnerlänner oder mat internationalen Organisatioune wéi der EU an der NATO.

Lëtzebuerg, den 12.12.2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN